

fuerderung ze diskutéieren. Den Här Berger huet eenzel Elementer hei geliwwert. Ech hat deemools iwwregens an deem Débat, iwwert deen de WOXX bericht huet, de Qualificatif vun Emmerdeur municipal gebraucht. Dat ass eppes, dat sinn ech bei de René Dumont léine gaangen. Dat war en Zitat, dat sinn ech dem Auteur schëlleg ze soen. Hie wollt am Fong domat soen, dass een duerch d'Konstatioun d'Problematike besser diskutéiere kann a besser Impuls-er gi kann, fir se ze léisen. Dat just als Erklärung dozou.

Ech mengen, mir stinn um Viro-wend vu gréissere Changementer, souwuel um globale Plang, wéi um europäesche Plang, wéi um nationale Plang. Meng Präferenz, dat soen ech ganz kloer, an et ass mat där Debatt, wou ech an d'öffentlech Diskussioun eraginn an och d'Regierung, datt de Gremium, dee sech soll iwwer Nohaltegkeet Gedanke maachen, a senger Reflexioun soll ganz independent sinn. Hie misst am Fong kënnen horizontal awierken op déi eenzel Departementer. Esou gesinn, mengen ech, wier et eng eemoleg Chance, wa mir de Prinzip vun der Neutralitéit kéinten an deem Gremium, deen nach ze schafen ass an iwwert dee mir schonn diskutéiert hunn, a wou d'Diskussioun och nach weider geet, esou hi-kréen. Ech mengen, mir wieren deenen, déi duerno kommen, dat schëlleg.

Esou gesinn, Här President, ass Südafrika net eppes ausschlies-slech Negatives. Par acquis de conscience huet een et misse maachen, och wann net jiddferee kann déi Resultater als eng grouss Errungenschaft duerstellen. Et muss een awer gesinn, wat ënnert dem Impuls vun der UNO an de leschten zéng Joer geschitt ass. Dat ass wierklech net wéineg.

Et ass och net vun ongeféier, datt deen, deen d'Impulser gëtt, d'lescht Joer de Friddensnobel-präis kritt huet. Ech mengen, wann déi Ambitiounen, déi de Koffi Ann-an, als Generalsekretär vun der UNO, an déi verschidden Impulser agekleet huet, net ëmmer zum Droe kommen, ass et och well mir him, kollektiv gesinn, net d'Moy-ene ginn, fir ze réusséieren.

Mir musse selbstverständlech hei eis Hausaufgaben esou gutt wéi méiglech maachen. Et ass am Fong à la fin du compte en Effort vu Solidaritéit vis-à-vis vun de Leit, déi hei am Land liewen a vis-à-vis vun den nächste Generatiounen. Ech verweisen nach eng Kéier op eppes, wat aus dem leschte Rapport annuel vum Programme des Nations Unis pour le développement ervirgeet a wat net oninteres-sant ass, an zwar fir ze beweisen, dass d'Solidaritéit indivisible ass:

Déi Länner, déi am meeschten an d'Entwécklungspolitik investéieren, sinn och komëscherweis déi, déi bei sech doheem deen nid-dregsten Taux de précarité hunn. Et ass also keng Alternativ, wann ee Gelder an d'Entwécklungspolitik an Efforten an d'Entwécklungspolitik investéiert, zu den Äntwer-ten, déi ee muss national bei sech doheem formuléieren. Et ass net alternativ dozou ze gesinn. Et ass net dat eent oder dat anert. Et ass dat eent an dat anert.

Ech soen all deene Riedner nach eng Kéier merci, déi sech hei un dëser Debatt bedeelegt hunn, a wënsche mir, datt mir an deene Grundfroen do esou séier wéi méiglech virukommen. Merci.

M. le Président.- Dëse Punkt ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4731 iwwert d'Schafung vun engem Etablissement public mam Numm "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine Charlotte". Et hu sech schonn ageschriwwen d'Mme Delvaux, d'Mme Beissel an déi Häre Greisen a Garcia. Am Numm vum Här Claude Wiseler presentéiert Iech

elo d'Mme Nelly Stein de Rapport vum Projet de loi. D'Mme Stein huet d'Wuert.

10. 4731 - Projet de loi portant création d'un établissement public nommé "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte"

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieure, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein (CSV), rapportrice en remplacement de M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt fir d'éischt mäi Fraktiounskolleeg Claude Wiseler entschëllegen, de Rapporteur vun dësem Projet de loi. Hie ka säi mëndleche Rapport net virdoen, well hien am Ausland ass. Merci dem Claude Wiseler fir säin exzellente schrëftleche Rapport. Mir sinn dat jo net aneschtens vun him gewinnt. Hien huet mech, als Presidentin vun der Kommissioun, beoptraagt, dee mëndleche Rapport ze maachen. Et bleift, elo just ze hoffen, datt ech dëser Charge ka gerecht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dispositif vum virleien-de Gesetzesprojet fanne mir eng Panoplie vu Manifestatiounen, déi den zukünftege Concertsall "Grande-Duchesse Joséphine Charlotte" wëllt organiséieren. Niewent de Prouwen a Concerte vum Orchestre philharmonique sinn dat aner Manifestatiounen, kultureller, wéi pedagogescher Natur, déi sech iwwerwiegend op d'Realisatioun, den Enregistrement an d'Iwwerdroe vu Museksspektaaklen konzentréieren. Duerfir muss déi noutwenneg héichwäerteg a modernsten Technik gemeeschtert a géréiert ginn. Doriwwer eraus fannen awer nach aner grouss Manifestatiounen statt, déi vill Publikum wäerten unzéien. En Deel vum Gebai ass fir d'Restauratioun virgesinn.

Aus dëse Missiounen geet ganz kloer ervir, datt de Concertsall eng adequat Gestiou brauch, fir den Erwaardungen op nationalem, wéi op internationalem Plang gerecht ze ginn. Entscheedend fir eng gutt Gestiou ass un alleréischter Stell eng gutt Sachkenntnis a Saache Kultur, virun allem Musek. D'Programmation därerf sech net nëmmen op d'Klassik beschränken, mee verschidde Stiler mat abannen, ausgoend vun der Klassik bis bei Folklor, Welt-musek, zäitgenössesch wéi avantgardistesche Produktiounen. Mee och um Niveau vun der Organisatioun vu groussen, héichklasse-sche Spektakelen ass eng zolidd Experienz erfuerdert. Nëmmen esou ass et méiglech de Concertsall um Kierchbierg iwwert d'Grenzen eraus bekannt ze maachen. Ech denken do ganz speziell iwwert d'Grenze vun der Groussregioun.

Den Etablissement public, dee sech dëse Missiounen muss un-huelen, huet also eng zolidd Aarbecht viru sech, mee et ass eng Aarbecht, déi vielfälteg a facet-tärich ass. D'Missiounen vum Etablissement public loosse sech grosso modo an zwou Kategorien andeelen. Eischtens soll en dem Bauhär berodend zur Säit stoen an d'Aktivitéiten organiséieren. Zum anere soll déi ganz Gestiou vum Concertsall ofgeséichert ginn, andeems déi programma-tesch a kulturell Schwéierpunkte respektéiert ginn.

Fir dëst ze garantéieren, gëtt eng Struktur gebraucht, déi flexibel ass an déi en héije Grad un Auto-nomie huet. Mat der Mataarbecht vun der Billetterie centrale an dem Service de programmation culturelle muss de Etablissement public seng kulturell Saison plangen. Datt dat keng einfach Aufgab ass, gëtt däitlech, wann ee sech déi

200 Manifestatiounen virstellt, déi no de Schätzung vum Architek-ten- an dem Programmateurbüro virgesi sinn. Dorënner falen ënner anerem 60 grouss symphonesch Concerten, 60 Concerte vu Kam-merorchestern a Récitalen, 20 Jazzconcerten, souwéi 20 Con-certe vun zäitgenössescher Mu-sek. Doriwwer eraus ass den Eta-blisement public chargéiert fir Séminairen, Konferenzen, Cour-sen a kulturell Begéinungen ze or-ganiséieren.

De Budget beleeft sech op onge-féier néng Milliounen Euro op der Dépenssäit, an 3,5 Milliounen Euro op der Säit vun de Recetten. Dëse Betrag deckt déi Käschten, déi de Sall fonctionnéieren doen, dat heescht, d'Gestiou an den Erhalt vun den Infrastrukturen, d'Lokatioun vum Material, d'Per-sonalkäschte fir 25 Mann, d'Publi-citéit, d'Formatioun an déi audio-visuell Produktioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech zum Commentaire des articles kommen, wëll ech ganz kuert op d'Virgeschicht vum Projet agoen. De 4. Dezember 2000 huet d'Mme Erna Hennicot-Schoepges, Minister fir Kultur, Héichschoulwiesen a Fuerschung, de Projet an der Chamber deponéiert. Den 30. Abrëll 2002 huet de Statsrot säin éischten Avis of-ginn. An der Kommissiounssët-zung vum 25. Juni ass de Rappor-teur an der Persoun vum Claude Wiseler designéiert ginn, de Projet analyséiert an den Avis vum Stats-rot ënnert d'Lupp geholl ginn. De 26. Juni huet d'Kommissioun eng Rei Amendementer gemaach an de Statsrot opgefuerdert en zousätzlechen Avis ofzeginn. Dësen Avis koum de 24. September 2002. An der Kommissiounssët-zung vum 9. Oktober konnt dunn de Rapport ugeholl ginn.

De Projet ass am selwechte Joer deponéiert gi wéi de Projet iwwert de Etablissement public vun der Abbaye vun Neumünster. D'Regie-rung hat sech deemools de Be-mierkunge vum Statsrot iwwert dëse Projet ugeschloss. An der Réu-nioun vum 25. Juni 2002 huet d'Regierung kloergestallt, datt si datselwecht bei dësem Projet géif maachen, mat Ausnahm vum Arti-kel 2. An der Sëtzung vum 24. September 2002 huet de Statsrot, déi vun der Kommissioun zrëck-behalen Amendementer, ugeholl. Ech wëllt e puer Punkten aus dem Commentaire des articles eraus-huelen. Fir de Rescht géif ech op de schrëftleche Rapport verwei-sen.

Den Artikel 2 leet d'Missiounen vum Etablissement public fest an do-madder ass dësen Artikel de wichtegsten am ganze Gesetze-sprojet. Am éischten Alinéa gëtt folgend Missioun erwähnt: „Con-seiller le maître de l'ouvrage et or-ganiser la préfiguration des ac-tivités futures de la salle de con-certs“. De Statsrot huet virge-schloen, déi éischt Missioun er-auszehuelen, well et nëmmen temporaire ass. Déi zweet Missioun wier souwisou déi, déi den Eta-blisement public als definitiv Mis-sioun hätt. D'Regierung hält awer den initialen Text gäre bäi, fir ge-wëssen Onklorheeten ze vermei-den a verweist op déi Experien-zen, déi sech beim nationale Kul-tur- a Sportszentrum erginn hunn.

De Statsrot hat doriwwer eraus Schwierigkeete mam Wuert "sub-sidiaire" am zweeten Alinéa, well den Term näischt Wesentlech-es zur Erklärung vum éischten Alinéa géif bäidroen. D'Kommissioun ass net där Meenung an huet un dem Text festgehalten.

Den Artikel 3 betrëfft d'Zesumme-setzung vum Verwaltungsrot. Den initialen Text hat nëmmen d'Defini-tioun vu véier Membere virgesinn. De Statsrot hätt awer gären déi

aner fënnef Memberen definéiert. D'Regierung huet den Text iwwer-schafft a sech dobäi um Neumün-ster-Text orientéiert. De Statsrot huet drop bestanen eng Disposi-tioun an den Artikel 3 ze setzen, déi d'Incompatibilitéit tëschent deene vum Stat delegéierten Ad-ministrateurs, vum Gestionnaire vum Etablissement public a vum Contrôleur oder Surveillant vum Etablissement, festleet. D'Kom-missioun huet en Text proposéiert, dee sech un déi Dispositiounen aus dem Neumünster-Gesetz ori-entéiert, an deen och zrëckbehale gouf. Déi redaktionell Ännerungen am Artikel 3 si vun der Kommissio-un ugeholl ginn.

Elo iwwersprangen ech e puer Ar-tikelen, fir zum Artikel 7 ze kom-men, iwwert d'Konte vum Etablis-sement public. Do huet de Stats-rot, ausser e puer redaktionelle Modifikatiounen, e fënnfte Para-graph virgeschloen, deen d'Kon-troll duerch d'Cour des Comptes vun de staatleche finanzielle Be-deelegunge festleet.

(Interruptions diverses)

Ech maachen de Rapport vun der Kommissioun. An der Kommissio-un huet keen dat gefrot, also konnt ech elo net dorobber agoen. Dësen Text ass vun der Kommissioun guttgeheescht ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, den Text, dee mir hei zur Ofstëmmung virleien hunn, huet an der zoustänne-ger Kommissioun zu kenge gréis-seren Ausernaneretzunge ge-féiert, wann iwwerhaupt. Duerch de Vote vun dësem Text kann d'M-me Minister Hennicot-Schoepges de Conseil d'administration ern-en-nen, deen doropshi seng Aar-becht kann op huelen. Ech bieden Iech, duerfir dëse Gesetzestext ze stëmmen. Am Numm vu menger Fraktioun ginn ech den Accord zu dësem Projet. Ech soen all deene Leit merci fir déi spierbar Op-mierksaamkeet. Merci.

(Hilarité)

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass d'Mme Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Mme Delvaux huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Merci, Här President. Ech probéieren, den Niveau vun eiser Presidentin ze halen, déi hei d'Spannung vun der ganzer Chamber op sech gezunn huet, wéi se de Rapport vum Här Wise-ler presentéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Dezember 2000 huet dës Chamber d'Gesetz gestëmmt, wat eng Autorisatioun ginn huet, fir de Concertsall ze bauen. D'so-zialistesche Fraktioun huet dat Ge-setz gestëmmt. Mir hunn dee-mools plädéiert, datt sollt en Eta-blisement public geschafe gi fir d'Gestiou vun där Salle de con-certs. Mir ware fir dee Projet, well mir der Meenung waren, datt et wichteg wär, datt den Orchestre philharmonique géif eng dezent Plaz fannen, gutt Aarbechtskondi-tiounen an eng prestigieuse salle, fir déi Concerten ofzehalen, an datt et awer och wichteg wär, datt niewent dem OPL aner Organisa-teuren eng Plaz géife fannen an dëser Salle de concerts, fir dann d'Museksszen zu Lëtzebuerg op en héijeren Niveau ze bréngen an esou iwwer eist Land eraus ze rayonnéieren a vill Publikum unze-zéien.

Et ass also nëmme konsequent a logesch, wa mir Jo soen zu dësem Projet de loi, wat elo den Etablis-sement public schaaft.

Ech muss awer soen, Här Presi-dent - ech weess net u wien ech mech direkt soll adresséieren -, dass d'Majoritéit, d'Regierung, de Ministère an d'Ministesche vun der Kultur eis et eigentlech schwéier maachen, fir dat Gesetz mat Be-geeschterung ze stëmmen. Be-

geeschterung ass keng do. An dat aus zwou Ursaachen.

(Interruption)

Här Strotz, et huet mech Iwwer-zeegung kascht a menger Fraktio-nen.

Dat éischt ass d'Fro vum Établis-sement public. Zwar schaaft d'Ge-setz en Etablissement public - déi Entitéit, déi mir hei schafen, heescht effektiv Etablissement pu-blic - mam Argument, dat am Ex-posé des motifs steet, et wier néi-deg, déi noutwenneg Autonomie a Flexibilitéit der Gestiou ze ginn, an nëmmen esou kënnt een déi schafen.

Wat d'Flexibilitéit ugeet: Effektiv kritt deen Etablissement public eng gewësse Flexibilitéit, wat d'Leit astellen ugeet, mee mat der Autonomie ass et net esou gutt gestallt. D'Gesetz schaaft eng Fassad vun Autonomie.

En fait ass et jo e virtuellen Eta-blisement public, deen hei ge-schafe gëtt. Et kann een am Fong soen, datt d'Vertraue vum Minis-tère an d'Société civile an an all d'Acteuren um Terrain net riseg grouss ze si schéngt. All d'Vertrie-der gi vun der Regierung genannt, außer ee Vertrieeder vun der Stad Lëtzebuerg. Et si keng Vertrieeder vun den Usageren dran, vun dee-ne Leit, déi sollen dohinner kom-men. Et si keng Vertrieeder vum Personal am Conseil d'administra-tion, wat ech géif normal fannen an engem autonomen Eta-blis-sement. Dësen Etablissement public ass eigentlech e verlängerten Aarm vum Ministère. Véier Vertrie-der si vum Ministère vun der Kul-tur dran an dann nach ee Vertrie-der vum Budget.

Domat gëtt nach eng zweet Fiktio-n opgebaut, déi mir elo no Neumünster och wahrscheinlech an dësem Etablissement public erëmfinden. De Conseil d'Etat hu-et jo drop higewisen, an dat zu Recht, dass et misst eng Incom-patibilitéit ginn zwëschent de Ver-trieder vun engem Ministère, déi als Administrateurs an engem Conseil sëtzen, an op där anerer Säit eng Missioun als Kontrolleu-ren a Surveillanten hu vun deem-selwechten Etablissement public. Dat schéngt engem jo logesch. D'Majoritéit huet dësen Text vum Conseil d'Etat ugeholl. Et steet al-so kloer am Text. Et kann een net als Vertrieeder vum Ministère am Conseil sëtzen an zur gläicher Zäit datselwecht Etablissement kon-trolléieren.

Mee, wéi gëtt dat an der Praxis gehandhabt? Dat heescht den éischten, den zweeten, den drët-ten oder vläicht och déi véier Con-seillers de Gouvernement, déi ge-nannt ginn, si jo selbstver-ständlech nach ëmmer am Mini-stère. Si hunn da keng Ënner-schrëft méi, wat den Eta-blis-sement public ugeet. Déi Délégation de signature ass hinnen ewechge-holl ginn, wat zur Konsequenz hu-et, datt se dee Breif, dee se awer wahrscheinlech geschriwwen hunn, der Ministesch virleeën, fir datt si en ënnerschrëft.

Ech mengen, dass dat eng Kon-struktioun ass, déi wuel d'Fassad vun der Incompatibilitéit oprecht erhält, mee awer an der Praxis net ganz déif geet. Elo kënn mir soen: Et gëtt awer net méi Leit am Ministère, mir hunn net genuch Leit. Mee, ech mengen, wann ee wëllt eng ambitiéis Politik hunn - an ech erkennen der Ministesch un, dass si déi huet, dass si grouss Ambitiounen fir d'Kultur zu Lëtzebuerg huet -, da muss ee sech natierlech d'Moyene vun där Politik ginn.

Den zweete Punkt, an deen huet eigentlech näischt direkt mam Ge-setzestext ze dinn, mee deen huet mat der Fiche financière ze dinn, déi bei dësem Projet de loi dobäiläit. Déi Fiche financière ass vum Dezember 2000. Si ass net à jour gesat ginn. Mir wëssen also net, contrairement zu deem, wat d'Mme Stein hei am Numm vum

Här Rapporteur gesot huet, wéivill deen Etablissement public dëst Joer géif kaschten, net ze schwätzen dovunner, wat en am Joer 2005 soll kaschten, wa jo d'Ouverture vun deem Haus ass.

Mee souguer, wa mir d'Chiffere vum Joer 2000 kucken, da kann een awer skeptesch doriwwer sinn, wéi vraiseemblabel déi Chiffere hei sinn. D'Dépensé ginn, wéi gesot, néng Milliounen Euro héich. Ech kann et net genau aschätzen, mee wann ech dat richtig verstinn, da sinn dat nëmme Fonctionnementskäschten, dann ass jo nach kee Concert kaaft, well et muss ee jo nach déi Produktiounen akafe goen, déi sollen an deem Haus stattfannen. Vun deene 25 Leit, déi sollen am Etablissement public schaffen, wär et interessant ze wëssen, wéivill Leit fir d'Administration sinn a wéivill Leit vun der Technik gebraucht ginn, fir esou e sophistiquéiert Haus fonctionnéieren ze dinn.

Wat dann d'Recetten ugeet, do muss ech awer éierlech soen, hunn ech déi gréisst Bedenken. Elo gëtt do gesot dräi Milliounen Euro Recetten, hypothetesch am Joer 2000. Déi baséieren drop, datt sollen 200 Concerten an deem Sall stattfannen. Ech muss soen, ech perséinlech fannen dat der enorm vill. 200 Concerten, dat ass vill, well derniewent gëtt et jo nach Aktivitéiten an anerer Infrastruktur hei am Land. Dat ass jo net fir de Bedarf vum ganze Land, obshonn am Exposé des motifs ginn allméiglech Organiseure opgezielt, déi kéinte vun där Salle de concerts profitéieren.

Do liest een dann déi méi traditionell Organiseure, awer och all Festivalen hei am Land. Här Scheuer, lauschtert gutt no, souguer de Festival vun lechternach gëtt do zitiiert, an, wat mech beréiert huet, souguer de Cercle symphonique vu Rémeleng. Ech ka mir jo awer net virstellen, dass déi alleguerten op de Kierchbiere hir Concerten hale kommen. Ech mengen, dass déi awer drop halen, dass nach an der Region - an ech schwätzen hei am Numm vun all de Buergermeeschteren, déi fir dezentraliséiert Aktivitéiten antrieden -, nach am Rescht vum Land solle Manifestatiounen stattfannen. Et ka jo net esou sinn, dass déi da keng Subside méi kréien an alleguerte mussen op de Kierchbiere hir Manifestatiounen hale goen.

(Brouhaha général)

Et bliwen also déi grouss traditionell Concertsorganiseure, wéi den OPL selwer, d'Solistes européens an d'Soirées du Luxembourg, déi vun där Offer hei Notzen zéien. Mee do stellen ech dann awer eng Fro: An de Recetté vum Etablissement public sinn d'Recetté vun de Plazen agebroen, déi verkaaft ginn, dat heescht, wann e Concert ass, gëtt geschat wéivill Leit dohinner kommen, de Billjee gëtt mat 1.000 Frang an der Moyenne gerechent - ech weess net, ob dat esou wäert sinn - an da gëtt do eng Recette agesat fir d'Haus. Mir wëssen awer, dass de Moment den OPL, d'Solistes européens an d'Soirées du Luxembourg, hir Abonnemente selwer verkaufen an déi Recetten halen. Dat heescht, et ka jo net sinn, dass déi Recetten zweemol agebroe ginn, eng kéier beim Etablissement public an nach eng kéier beim Organisateur. Wa si awer net beim Organisateur agebroe ginn, dann huet dee jo keng Recetté méi. Loosse mir soen hien huet keng Recetté méi an da geet e jo wahrscheinlech erëm Subside froe bei de Ministère oder bei d'Gemengen.

Wann hien d'Recetten afreet, muss hie logescherweis Loyer bezuelen am Etablissement public. An do muss ech soen, déi Loyerer: fir de grouss Sall 500.000 Frang den Owend, fir de kleng Sall 180.000 Frang den Owend, do mussen natierlech vill

Recetten erakommen, fir dass dat ze finanzéieren ass, oder, wéi gesot, muss de Stat d'Subsidemana erëm weider opmaachen, fir dass dat dote ka finanzéiert ginn. Ech hunn do Bedenken, well den OPL steet fir d'nächst Joer am Budget, fir nëmmen dat Beispill ze huelen, mat 10,5 Milliounen Subsiden, déi hie soll vum Stat kréien. Wann den OPL fir déi 35 Concerten, déi en elo gëtt, all kéiers muss 500.000 Frang Loyer bezuelen, da muss mir nach eng kéier eng hallef Millioun Euro dropleeën an dat aus enger Täsche, well letztelech ass et ëmmer aus dem Statsbudget, wou d'Sue fléissen.

Ech wonnere mech - leschte Punkt zur Finanzéierung -, et ass nach ëmmer virgesinn, dass den Etablissement public soll mat zéng Partner eng Kooperatioun maachen, esou eng Zort Mécénat, wou all Partner 1,5 Millioun Frangen abezilt. Vu dass d'Fiche financière vun 2000 ass, sinn déi Suen nach a Frangen ausgedréckt. Elo hunn ech awer, souwuel d'Kulturministesch, wéi eise Premier an allméiglech Leit héiere sech bekloen d'Mécéné géife rar ginn hei zu Lëtzebuerg, et géif kee méi wëllen eppes bezuelen, sou dass ech mengen, dass déi zéngmol 1,5 Millioun wahrscheinlech net fonnt ginn, fir dat Haus ze finanzéieren.

An anere Wieder, ech sinn der Meenung, dass déi Fiche financière, déi bei deem Gesetz dobäi läit, net ganz glaubwürdeg ass, dass se net richtig ass. Ech bedauern dat. Mir géifen dat Gesetz och stëmmen, wann d'Fonctionnementskäschte méi héich wäeren, mee ech hätt et awer richtig fonnt, wann de Ministère eis crédibel Chiffren heihinner geluegt hätt, an net onkomplett Informatiounen.

Här President, trotz eise Bedenken an trotz de Regreten, iwwert déi net ganz komplett Informatioun zur Finanzéierung, soe mir awer jo zu deem Gesetz, well mir fir de Prinzip si vun deem Etablissement public, a well mir duerfir sinn, dass den OPL soll a gudde Konditiounen seng Aarbecht kënne maachen. Ech soe merci fir d'No-lauschteren.

M. le Président. - Als nächst Riednerin ass d'Mme Simone Beissel agebroen. D'Mme Beissel huet d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ir ech zum Projet de loi selwer kommen, wéll ech dem Rapporteur Claude Wiseler merci soe fir säi gudde schréffleche Rapport an der Mme Stein fir hiren ausféierleche mëndleche Rapport.

D'musikalesch Offer zu Lëtzebuerg ass relativ diversifiéiert. D'Musek u sech ass eng vun de populärste kulturellen Aktivitéiten an eisem Land. Mir hunn eis Conservatoiren. Mir hunn d'Musekschoulen. Mir hu Musekskursen. Mir wëssen, dat ongeféier 10.000 Schüler sech do dran erëmfannen. Eng Realitéit, déi d'Schafe vun enger Salle de concerts rechtfäertegt, an zwar ënnert dem Statut vun engem flexibelen Etablissement public.

Wa mir u Musek denken, denke mir natierlech un éischer Stell och un den OPL, den Orchestre philharmonique de Luxembourg, de fréiere groussen Orchester vun RTL, deen - ech mengen, et kann een dat oui Problem esou soen - héich qualifizéierte musikaleschen Ensembl vu Lëtzebuerg. Et läit op der Hand, datt d'Notze vun der "Salle de concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte" fir diesen Orchester, deen topqualitativen Normen entsprécht, vu grousser Wichtigkeet ass. Lëtzebuerg besëtzt zwar eng ganz Rei vu gudde Concertssäll, wéi zum Beispill deen am Escher Theater a wéi deen am stater Conservatoire, mee leider sinn d'Publikumskapassitéiten oft limitéiert. D'Salle de

concerts Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte, där hir Organisation mir hei mat deem Projet de loi festhalen, soll an deem Sënn nach besser Méiglechkeete bidden: publikumsméisseg, technesch an akustesch.

Här President, dese Concertssall soll allerdéngs net exklusiv fir den OPL reservéiert ginn. Schonns beim Projet iwwert de geplangte Bau vum Sall huet d'Commission des Travaux publics op dese Punkt higewisen. Erlaabt mer en Extrait aus hirem Rapport ze zitieren: „Toutefois, il va sans dire que l'OPL ne pourra à lui seul garantir un taux d'occupation suffisant pour la nouvelle salle de concerts. Même si l'OPL aura la priorité dans l'utilisation de la salle et y aura son siège ainsi que sa salle de répétition, cela n'exclut pas que d'autres formations puissent s'y produire". Dat ëmsou méi, wéi d'Objektiver vun deem Concertssall immens ambitiéis sinn an iwwert d'Besoin vum OPL, vum Lëtzebuerges Publikum iwwerhaupt, a souguer vun der Groussregion, erausginn.

Am Exposé des motifs zur Konstruktioun vum Concertssall huet d'Regierung eendeitig festgehalten, datt si eng "internationalisation réelle par le biais d'activités musicales internationales multiples d'une qualité susceptible d'attirer un public mélomane universel" ustrief. A puncto ugestriefen Exploitationsrentreëen, a fir en eenegermoossen akzeptablen Taux de couverture vun der reeller Fraise ze kréien, soll d'Salle de concerts viraussichtlech ëm déi 200 Deeg pro Joer genotzt ginn. D'Lat vun der potenzieller Rentreëen an Aktivitéit gëtt hei ganz héich geluegt. Et ass ze hoffen, datt d'finanziell Héichrechnung an enger gesonder Forchette opgestallt ginn ass.

Fir deem gerecht ze ginn, gesäit de Projet de loi eng breetgefächert Palette vun Aktivitéiten. Ech zitieren nach eng kéier pour mémoire: "A côté des événements musicaux, qui sans aucun doute seront prépondérants de la salle des concerts, l'établissement public est également en charge de l'organisation de séminaires, de conférences, de cours pédagogiques et de rencontres culturelles." Dat also à titre principal.

Subsidiaresch kënne awer och publikumsträchteg Manifestatiounen vun all Zort stattfannen. Dat, mat der Hoffnung, de Sall awer och d'Keess ze fëllen. Déi technesch Ausstattung vum Sall bitt doniewent gutt Konditiounen, fir informatiséiert Produktiounen per CD, CD-ROM, Internetzougang oder fir Eurovisiounen a Mondovisiounstransmissiounen. Eeleng schonns aus finanzieller Grënn - et handelt sech jo hei ëm e Projet, deen e ganz grouss Budget brauch, fir kënne funktionsfäeg ze sinn - ass dës erweidert Notzung, déi zwar eng gewësse Flexibilität vun hirem sougenannten Hauptnotz, dem OPL, erwaart, noutwenneg.

Ech schwätzen hei iwwer méi wéi néng Milliounen Euro Dépenses, Fazit 2000, a viraussichtlechen 3,5 Milliounen Recetten. Dat heescht Ausgaben, déi 2,5-mol méi héich si wéi d'Rentreëen. Dat ass - an ech mengen, do si mir eis all eens - en immensen Défi. Mee, mir sinn dem OPL an anere renomméierten Orchesteren esou héichgradege Kader mat optimal techneschen Infrastrukturen schëlleg, fir datt si hirer Virtuositéit kënne fräie Laf loosse.

Här President, am Interesse vun enger verbesserter kultureller Offer zu Lëtzebuerg a foussent op dem Här Pierre Frieden seng Lieblingsmaxime: „La culture n'a pas de prix, elle n'a qu'un coût", wäert

d'Demokratesch Partei dese Projet stëmmen. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agebroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wéll ech all deene Leit merci soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn. Wéi mir am Dezember 2000 de Bau vun där neier Concertshall hei an der Chamber diskutéiert hunn, hat ech d'Geleeënheet am Numm vum ADR, an dat trotz Bedenken, eisen Accord ze ginn, grad esou wéi haut eisen Accord zu deem Projet.

Ech wéll awer nach eng kéier eis Iddi widderhuelen an nach eng kéier drop hiweisen, datt den ADR d'Beméiunge vun der Regierung begreist, fir déi kulturell Aktivitéiten am musikaleschen Beräich heimmader auszubauen. Et bleift an eisen A richtig Steiergelder, fir d'Lëtzebuerges Kultur a Musek auszeginn. Grad esou, wéi beim Projet iwwert den Neibau, stinn am Text vun deem Projet eng Rei wichteg Motivatiounen, déi eis Ennerstëtzung fannen.

Esou begreisse mir de Wëlle vun der Regierung, iwwer eist Land eraus ze kucken, wat d'Organisation vu musikaleschen Aktivitéiten ubelaangt an déi nei Infrastruktur, fir international a verschidde Sparten a Stiler opzemaachen. Eng grouss Bandbreet vun Organisiatiounen oder Museksveräiner mussen vun deser neier Arichtung profitéieren kennen. Eis Museksstudenten a Museksfrënn müssen hei hirer Konscht nokomme kennen.

All dëst soll jo duerch dese Projet organiséiert an ausgefouert ginn, wou et am Résumé ëm d'Schafe vun engem Etablissement public mat finanzieller an administrativer Autonomie geet, ënnert der Iwwerwaachung vum Kulturministère, fir d'Gestioun an d'Bedreiwe vun deem neie Concertssall um Kierchbiere.

Am Artikel 2 ass d'Missioun festgeluegt. Si ass schonn hei am Detail virgestallt ginn, esou datt ech näischt méi brauch dozou ze soen. Eng Bemierkung just, wat déi zäitlech befristete Missioun vum Conseil d'administration ubelaangt ir d'Gebai steet, Conseil d'administration, dee fir d'Berodung, wat déi technesch a musikalesch Arichtung, d'Installatioun an d'Instrumenter ugeet, muss surgen.

Ech wéll elo un dat negatiivt Beispill vun deenen dräi Rallongé beim Centre commercial...

(Hilarité)

..., entschëllegt, beim Centre national um Kierchbiere erënneren. Ech hoffen, datt bei dese Konte besser opgepasst gëtt.

D'Zesummesetzung vum Conseil d'administration, am Artikel 3, a seng Kompetenzen, am Artikel 4, si schonn hei virgestallt ginn. Besonnesch d'Ernenne vun de Membere, déi d'Regierung vertrieeden, aus de Ministère vu Kultur a Budget, huet zu verschidde Diskussiounen gefouert. De Statsrot huet ervirgehewen, datt d'Funktione vum Gestionnaire am Conseil d'administration net kompatibel si mat der Funktioun vum Kontroller am zoustännege Ministère. D'Fro stellt sech awer, ob et néideg ass, Leit aus de Ministère an de Conseil d'administration ze nennen, wou dach souwisou d'Regierung d'Soen huet a wou ëmmer erëm Problemer opriede bei der Trennung vun de Kompetenzen. Ech brauch do nëmmen nach eng kéier un d'Projeten ze erënneren, déi schonn hei genannt gi sinn, wéi de Centre de rencontre Altmünster, de Musée d'art moderne, de Centre national sportif an de Fonds Belval-Ouest.

Zu de Finanze wéll ech dat hei soen: Wann ech mech net ieren, sinn déi jährelch Ausgabe vum Betrib op eppes iwwer néng Milliounen Euro geschat ginn, an dat bei ronn 25 Persounen a Personal. Erakomme sollen eppes iwwer 3,5 Milliounen Euro, duerch d'Akomes vum de Manifestatiounen, d'Opféiere vu Wierker an d'Leeschtung vu Services, och duerch d'Lokatioun vun Installatiounen an duerch Spenden. Mir wënschen eis, datt dat esou klappt, hunn awer Bedenken, déi schonn hei gedeelt gi sinn. D'Schätzung fir d'Funktionskäschte sinn net um leschte Stand an et ass scho gesot ginn, datt d'Akomes vläicht ze héich geschat ginn ass. Op alle Fall ass virgesinn, datt den décke Rescht, also de Moment 5,5 Milliounen Euro pro Joer, aus dem Statsbudget bezuelt gëtt.

D'Konféierung nom Artikel 7 entsprécht der kommerzieller Buchféierung mat Kontroll duerch en agréierte Réviseur. D'Fro stellt sech, no deene villen Diskussiounen an Onregelméissegkeete bei aneren Etablissementen, ob net eng verstärkte gesetzlech Kontroll sollt agefouert ginn, zum Beispill duerch d'Cour des Comptes. Zum Schluss wéllt ech nach eng kéier den Accord vu menger Fraktioun fir dese Projet ginn, mam Wonsch awer, dee mir och scho beim Vote vum Bau ausgedréckt hunn, dass aner kulturell Aktivitéiten iwwert d'Land net sollte vergiess ginn.

Merci!

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. An onregelméisseg Ofstänn treffe mer eis hei fir Kulturprojeten, Bauprojeten an der Héicht vu enger, zwou oder dräi Milliarden ze stëmmen, an och regelméisseg treffe mer eis hei fir d'Fonctionnementskäschte fir Kulturinstitutiounen vun 100, 200, 300, 350 Milliounen al Frangen ze stëmmen.

Ech hunn domadder selbstverständlech kee Problem, allerdéngs, wann ee selwer a soziokulturellen Organisiatiounen aktiv ass, deenen hir Budgeten 3 oder 4 Nulle manner hunn, déi da mussen bei d'Ministère pilgeren, Demanden areeche, 6 Méint, 8 Méint, 10 Méint keng Antwerte kréien, a wa se eng Antwort kréien, e kleng Brochdeel 10% oder 20% vun deene Sue kréien, déi domat dann net kënne dezent funktionéieren, dann hunn ech Problemer dermat, fir weiderhin hei den Hampelmann ze spillen an zu esou Projekte Stellung ze huelen.

Dofir verweisen ech, well ech et elo net kann - ech hunn eng psychologesch oder eng psychesch Barrière fir hei sachlech ze bliwen -, fir déi Leit, déi interesséiert sinn, vu datt mir eis bei dem Projet hei enthalten, op meng Ried bei de Budgetsdebatten vum Dezember.

Ech soen lech merci!

M. le Président. - D'Discussion générale ass ofgeschloss. D'Wuert huet elo déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche. - Här President, ech wéll fir d'alleréisch der Madame Stein merci soen.

(Interruptions)

M. le Président. - Den Här Krecké géng nach gären eppes soen.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, ech soen lech merci. Ech hat mech ageschriwwen, just zu engem eenzege Punkt. Ech hat der Madame Stein och d'Fro gestallt.

Dir hutt opgrond vun Ëmännerungen, Amendementer, déi ech net kann novollzéien, well ech net an der Kommissioun war, e Punkt 5 am Artikel 7 ageflecht, deen net am initialen Text war, an deen elo seet: "L'Etablissement est soumis au contrôle de la Cour des Comptes quant à l'emploi conforme des concours financiers publics qui lui sont affectés."

Ech hu mech gefrot, firwat dass Der dat gemaach hutt. Firwat hutt Der et esou gemaach a firwat hutt Der et net anescht gemaach? Well dat do ass Droit commun. Am Gesetz iwwert d'Cour des Comptes steet nämlech am Champ de contrôle: "La Cour des Comptes est habilitée à contrôler les personnes morales de droit public pour autant et dans la mesure que ces personnes ne sont pas soumises à un autre contrôle prévu par la loi" - hei ass jo ee Réviseur -, "mais les personnes morales de droit public" - en Etablissement public ass dat jo - "bénéficiant du concours financier public affecté à un objet déterminé, peuvent être soumises au contrôle de la Cour des Comptes." Dat heescht si kënnen dohinner goen.

Dat ass dran am Gesetz, dofir: Firwat nëmmen esou eng minimalistesche Approche? Firwat sidd Der net higaangen an Dir hutt deen Etablissement public carrément dem Contrôle vun der Cour des Comptes ënnerwerf, niewent dem Réviseur, deen, muss ech lech soen, e ganz anere Contrôle mécht wéi dee vun der Cour des Comptes. Kuckt emol eng Kéier déi 15 Rapporten, déi mer virleien hu vun der Cour des Comptes, iwwer 15 Etablissements publics. Do si Saachen évoquéiert ginn, déi mer jo elo an nächster Zäit wäerten diskutéieren, déi wesentlech anescht sinn, wéi dat wat e klassesche Réviseur d'entreprise mécht. Se kuckt d'Conformitéit mat dem Gesetz, se kuckt wéi d'Zesummenaarbecht mam Ministère de tutelle ofleeft, se kuckt eng Rei Froen, alles Saachen, déi de Réviseur mat Sécherheet net kuckt.

Firwat entzéie mer eis zu dësem Zäitpunkt, esou engem Contrôle? Dat froen ech mech. Ech fannen all Etablissement public, deen net just eng Mission industrielle et commerciale huet, wéi d'Post, déi purement kommerziell ass, wéi d'Spuerkeess, wou ech et à la limite verstinn, mä all déi aner Etablissements publics! Wou mer elo eng Cour des Comptes hunn, sinn ech der Meenung, soll se och der Cour des Comptes hirem Contrôle ënnerleien.

Ech fannen et net normal, dass mer dat hei net agebaut hunn. Ech gesinn net an, firwat dass mer dat net maachen. Ass et d'Angscht virun deem Contrôle, deen elo op eemol hei an de Käpp vun der Regierung geeschtert? Kuckt déi eenzel Rapporten no, déi elo ofgeliiwwert gi sinn, dat sinn alles profound an anstänneg recherchéiert ginn. Domat gëtt jo kee gehaangen, domat gëtt just higewisen op d'Fonctionnement, déi net deem entspreche wat am Droit public ganz oft virgesinn ass. Dat geet kee Réviseur d'entreprise lech kucken, dat mécht deen net.

Dofir nach eng Kéier meng Fro: Firwat hutt Der net einfach - an et ass eng Exigenz vun eiser Fraktioun, fir an Zukunft dat do an all Etablissement public anzubauen - virausgesat, dass net een, dee purement commercial et purement industriel ass, wou d'Zesummenspill e bëssen anescht ass, mä dat hei ass där jo keen, do fannen ech soll de Contrôle vun der Cour des Comptes voll kënnen spillen an ech hunn, wéi gesot, kee Verständnis dofir an ech sinn net méi bereet d'Etablissements publics ze ënnerstëtzen, wa mer dee Contrôle do net abauen.

Ech soen lech merci!

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Kulturminister Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, ech hat schonn ugefaange mat dem Merci un d'Kommissiounen, un d'Madame Presidentin an un de Rapporteur, déi eis et erméiglecht hunn, dëse Projet an der zweeter Woch vun der Chamberaktivitéit vun där neier Sessioun ze stëmmen. Et ass e wichtige Projet, et ass e Projet dee Marqué setzt an deen an der Kulturpolitik eng ganz important Roll spillt, well et Neiland ass.

Et ass am Fong esou, dass mer bis elo alles dat, wat mer gebuede kritt hu vu privaten Organisateuren, vu Bénévolen ugebuede kritt hunn, an ech well dofir ausdrécklech all deenen, déi et méiglech gemaach hunn, dass e Musekslieden hei zu Lëtzebuerg stattfonnt huet, dass Concertsaktivitéiten op héchstem Niveau waren, mä ganz grouss Merci fir hire jorelaangen Asaz soen. Si waarde ganz sécher mat Schmäerzen drop, dass deen neie Sall soll fäerdeg ginn an dass si hir Aktivitéiten och an dee Sall kënnen transférieren.

Ech erënneren drun, dass jo ee Sall vun där doter Gréisst net ënnert de Gesichtspunkte vu virgëschter ka bedriwwen ginn an dass dofir den Etablissement public eng immens Erausforderung ass. Ech géif soen, d'Aarbecht geet eréischt un. Mir sinn um Ufank vun engem ganz neie Parcours, vun engem ganz neie Gehabe an eise kulturelle Liewen. Mir hu fir d'alleréischt hei enger Institutioun öffentlech Gelder zur Verfügung gestallt, fir Concerten ze organiséieren.

Mir mussen eis bewusst sinn, dass alles dat, wat bis elo war, wat immens gutt war a gutt fonctionnéiert huet, sief dat Festivalen, sief dat déi kleng Organisateuren, sief dat déi Organisation wéi d'Soirées de Luxembourg oder d'Solistes Européens, déi mat vill Engagement Programmer bruecht hu vun enger grousser Qualitéit, dass dat Bénévolat war. Dat si keng Organisation, déi op eeg Recetten aus sinn, déi sinn nëmmen op Recetten aus, déi hir Käschten decken. An deem Sënn ass also de Sall och fir si ee Gewënn, et ass nimmlech en Ennerscheid, ob een e Concert mécht, wou ee 650 Plaze ka verkafen, oder e Concert, wou een 1.200 Plaze verkeeft.

Dat ass an der ekonomescher Berechnung vun dem Concertsbetrieb jiddfer Organisateur seng Suerg, well et huet engem munchmol Leed gedunn, wa mer prestigieus Orchestere wéi de "San Francisco" hei haten, wou mer ganz sécher de Sall och mat 1200 Plaze gefëllt kritt hätten, dass mer dann net ee volle Sall konnten an där doter Grëssenuerdnung ubidden, well mir wosste vu vireran d'Leit wäer komm, mir hätten Tickete verkaaft a mir gesi jo och elo beim Betrib, wéi et an anere groussen Etablissementer fonctionnéiert, dass, wann dann d'Angebot stëmmt, da kënn och de Publikum.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an enger Analys vun de Statistiken iwwert d'Kultur hei am Land festgestallt, dass fir d'Joer 1998 den Taux vun der Populatioun, déi eemol an engem Concert ass während zwielef Méint - dat war d'Fro déi gestallt ginn ass, bei 38% läit. 60% vun eiser Populatioun ginn also mol net eng eenzeg Kéier an zwielef Méint an ee Concert. An domadder ass d'Zil gesat, dass deen neie Sall muss erfëllen.

Mir musse kucken, dass mir d'Populatioun esou vill wéi méiglech sensibiliséieren, dass mer Aktiounen maachen, an dat ass eben déi prezis Aarbecht, déi dësem Etablissement public elo opginn ass,

deen elo eréischt muss ufänke mat schaffen, esou wéi iwwregens och den Orchestre philharmonique doranner seng nei Aktivitéite ganz zentriert drop huet, fir en neie Publikum ze erfaassen a fir d'Leit an de Kulturbetrieb eranzebréngen.

An deem Sënn ass et vill, vill méi e grouss Schrëtt nach wéi deen, deen hei bellicht ginn ass. Ech soe selbstverständlech alle Riedner, déi hei hire positive Beitrag bruecht hunn, merci. Et ass ee grousser Projet an ech deelen net d'Analys vun der Madame Delvaux, dass een en ouni Begeescherung soll stëmmen. Ech hunn nach ëmmer ganz grouss Begeescherung an ech denken, dass si mat der Bemierkung, d'Fiche financière wier net up to date, wuel an där technescher Saach do Recht huet, mee d'Begeescherung, fir dass mer dat doten un d'Lafe kréien, déi soll awer hir dofir net geholl sinn.

Da wëll ech op déi Suergen äntweren, déi hei zum Ausdrock kommen sinn, ebe just wat den Equilibre Recetten-Dépenses ugeet, an och op e puer konkret Froen äntweren. Esou zum Beispill op d'Fro: Déi 25 Leit, wéi sinn déi zesumme gesat? Dat sinn, wann een d'Propositioun vum Programmationsbüro duerchkuckt, déi och vun 2000 ass, grosso modo och zur Halschecht technescht Personal fir de Sall ze bedingen, an zur Halschecht administratiiv Personal. Et ass evident, dass fir d'Berechnung vun de Käschten sech och op Beispiller beruff ginn ass, an do sinn notament Beispiller geholl ginn, déi hei aus der Groussregioun stamen, wéi de Concertsall zu Köln, wéi de Concertsall zu Düsseldorf. Do ass gekuckt ginn, wéi de Betrib am Arsenal sech entwéckelt huet. Do ass gekuckt ginn, bei der Cité de la musique zu Paräis, déi mat 237 Concerte pro Joer natierlech eng Spëtzeleeschtung huet, wéi ee sech dorunner kann orientéieren.

Ech sinn der Meenung, dass dat, wat do virgesinn ass, äusserst ambitieus ass. Ech wëll déi Ambitioun awer och bäibehalen, well wa mer eis mat manner zefridde ginn, da musse mer wëssen, dass mer an deem Sënn vläicht hannendat eigentlech Zil, wat mer jo ustriewen, net erreichen.

Et wäert also esou sinn, dass déi Fiche financière aktualiséiert wäert ginn au fur et à mesure, well den Etablissement public, dee fänkt jo elo eréischt un ze schaffen. An do soen ech och der Kommissioun extra merci, well wann dee Saz net bäibehale gi wier, dass mer elo mat enger Préfiguration hätte kënnen ufänken, dann hätte mer jo keng Kreditter kënnen engagéieren, dann hätte mer also keng Finanzmëttel gehat, fir elo am Virfeld schonn eng Direktioun ze engagéieren, déi sech och ëm d'Saisone bekëmmert.

Well een, deen de Concertsbetrieb kennt, dee weess, dass elo all Haus amgang ass scho seng Saison fir 2006 ze organiséieren. A wann ee gäre gutt Leit heihinner hätt, da muss een op d'mannst véier Joer am voraus sech umellen, fir dann och do vun deenen hiren Datumen kënnen Gebrauch ze maachen. An deem Sënn ass et héich Zäit, dass elo eng Préfiguration an d'Wee geleet gëtt an dass domadder déi Aarbecht kann ugoen.

Wat d'Kompositioun vum Conseil d'administration ugeet, do ass wuelverstanen dass drasteet, véier Leit kënnen de Kulturminister verrieden, woubäi ech net am geréngsten d'Intentioun hu véier Leit aus dem Ministère ze nennen, au contraire, ech denken dass déi Leit, déi ech a menger Verriedung nennen, och ganz gutt kënnen d'Société civile verrieden. Et

ass also net implizit am Projet virgesinn, dass dat lauter Fonctionnaire sinn. An deem Sënn sinn niewent deenen dräi Leit, déi virgesi si fir d'Société civile ze verrieden, genuch Plaze fräi, fir dass mer de Lien kréien zu deenen, déi Organisateuren sinn.

Et ass bei leiwene net dru geduecht - an dat gëtt déi grouss Schwiegerkeet, déi deen neien Direkter Gebrauch gemaach hu vum Sall vum Conservatoire, och d'Méiglechkeet, fir vun dësem Sall Gebrauch ze maachen. An deem Sënn zielt wuel ganz bestëmmt, dass déi Gelder, déi gebraucht ginn, fir d'Ausgabe vun den organiséierten Owender sinn, an domadder den Equilibre sech misst hierstelle loossen tëschent deem wat d'Ausgaben an d'Einnahmen ugeet.

Wann een Etablissementer kuckt wéi de Concertsall vu Köln, da gesäit een, dass dee bis zu 50% bal u Recetten eragespillt huet. Aner Etablissementer si bei 40%. Also, ech denken, och do gëtt et een Equilibre ze halen. Dir hutt och Spektakelen - mir gesinn dass jo elo an der Coque -, wann eppes ugebuede gëtt, da kritt der och zu héije Präisser awer Dausende vu Leit doran. Ergo ass et hei eng Fro vun der Programmation déi gemaach gëtt, déi déi richtig Gewichtung muss halen.

Dann zu der Kontroll, wou den Här Krecké eng Fro hei opgeworf huet, déi ech, wann ech virun do vun informéiert gewiescht wier, vläicht anescht hätt kënnen beäntweren. Ech liesen, dass am Projet d'Cour des Comptes ageschalt gëtt fir alles wat...

(Interruption)

Voilà! Also dir hutt do zu Recht op eppes higewisen, wat kënn den Uschäin hu wéi wann een hei eng Kontroll net am vollen Ausmooss wëllt hunn.

Ech mengen, mir hunn d'Parallell gezunn zu deem wat mer bei deenen aneren zwee Etablissements publics, vum Centre national sportif et culturel hunn a vum Etablissement public Neumünster hunn. Ech wäert der Regierung dat dote matdeelen, dass bei künftigen Etablissementer d'Cour des Comptes zur Genüge mat ageschalt gëtt.

Et ass a kengem Fall meng Intentioun fir do net Transparenz walten ze loossen. Et ass grad an engem Beräich wéi deem vun der Kultur wichtig, dass mer transparent schaffen.

Ganz dacks gëtt dass jo an der Öffentlichkeit falsch verstanen, an et sinn ëmmer nach Leit déi mengen, d'Kultur, dat wier esou d'Knippchen um Kuch, dat wier e bëssen dat wat dann nach derbäi kéim, dat wier de Luxus, dat wier wann een all seng aner Bedürfnisser erfëllt hätt, dat wier dann dat.

D'Kultur ass haut och eng wirtschaftlech Aktivitéit, d'Kultur ass en Investissement, a mir mussen eis ëmmer bewusst sinn, wa mer eng Plaz am direkte Beräich vun der Kultur schaffen, dass mer dann dräi aner Aarbechtsplaze schaffen, dass dräi aner Aarbechtsplazen entstinn. Dat ass aus europäesche Statistiken ervirgaang, well jo Aktivitéiten am Kulturbereich eng ganz Partie connexe Beräicher aktivéiert. Ech brauch déi net ze nennen, et ass fir eisen Tourismus wichtig, a fir de Standard Lëtzebuerg ass och dee Concertsall vu grousser Wichtigkeet.

Ech denken, mir sollen eis do och d'Ambitioun ginn, dass mer mat deem Instrument do eis Imagefleeg no baussen esou duerstellen, wéi mer als Land dat neierdengs wëllen. Wou mer jo awer

net nëmme wëllen no baussen eng Bankeplaz sinn, mee wou mer wëllen haaptsächlech als Land mat enger eegener kultureller Identitéit a mat eegenen Aktivitéiten och ervirsträchen.

Dat gesot, Här President, soen ech nach eng Kéier all deene merci an ech si frou, dass an der Chamber jo awer eng zimlech grouss Unanimitéit vläicht oder Majoritéit besteet. Ech hunn natierlech den Opruff héiere vum Deputéierte vun der grénger Fraktioun a seng Suerg ass och meng Suerg. Dat sief hei gesot.

Dat gesot ass een awer hei an engem neie Film. Déi Aktivitéiten, déi mat dem Concertsall hei zu Lëtzebuerg eréischt ufänken, déi wäerten eis hoffentlech och dozou féieren, dass d'Kultur bis an de leschten Eck vun eisem Land hiekënn an dass méiglech vill Leit an d'Leit aus alle Géigende vum Land hir Freed un dësem Concertsall hunn.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Diskusioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4731 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 8 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kéimen elo zur Ofstëmmung iwwert de virleende Projet.

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder enthalen sech.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4731 ass ugehall mat 54 Jo-Stëmmen a 5 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippering), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippering, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jeannot Krecké), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot (par M. Mars Di Bartolomeo), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass mar de Mëtten um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.53 heures)